

# ”Du mäin Heemechtsbuedem”

Theater zu Knousperdeng ém 1953,  
eng Woch virun der Première

LEO: Papp, ech hätt eng Fro.

MAMM: Héiers de Berend?  
Da lauschter em no!

PAPP: Dajee, da so!

LEO: Ech géing gär an de Minett gon. Gelt, lo  
bass de paff?

PAPP: Du bleifs um Haff!  
Oder soll ech der eng an d'Binette schlön?!

(*De Vic rabbelt hannert der Bühn mat enger Tafel Blech, fir den Donner nozemaachen.*)

LISS: Dot him näisch, mir hunn äis gär. Mir  
wollten d'Fuesent bei den Här.

FRAASS: Dat géif ärem Vroni sou passen,  
gelt, Gierg?!

GIERG: Däi Batty? Eist Vroni wëllt och nach e  
Batty!

MAMM: O Leechen, da gees de lo lafen?!

LEO: Dem Lisschen en Haischen ze kafen.

PAPP: Hei hues d'eent ston.

LEO: Ech ginn awer gon!

LISSCHEN: Hues d'en anert do énnen?  
Eent, dat ech net kennet?

LEO: Wat soll dat Gezecks, meng kleng Hex?  
Ech ginn op Déifferdeng, déi verdéngéen ze  
vrecke.

(*De Vic rabbelt nees mam Blech.*)

FRAASS: Méi haart Vic!

HILAIRE: 't ass haart genuch.

GIERG: 't ka roueg méi haart sinn.

HILAIRE: Sidd dir zwee Regisseur oder ech?  
Virun, Maargréit!

VIC: Gitt iech eens!

VIC: (pëspert)  
"t héiert een náisch Gutts vun do!"

## OP DER BÜHN:

BEREND, de Papp; heeschtfir richteg Mill  
MAARGRÉIT, d'Mamm; heeschtfir richteg och esou  
LEO, hiren eenzege Jong; heeschtfir richteg Batty an  
ass dem Fraass sain  
LISS, dem Leo seng Freiesch; heeschtfir richteg Vroni  
an ass dem Gierg sain

## VIRUN DER BÜHN AM SALL:

HILAIRE, Schoulmeeschter a Regisseur  
GIERG, Bauer, President vun de Pompjeeën, dem  
Vroni (Liss) sain richteg Papp  
FRAASS, Gemengesekretär, Sekretär vun der Musek,  
dem Batty (Leo) sain richteg Papp

## HANNERT DER BÜHN:

VIC, zoustänneg fir d'Pësperen a fir d'Geräischer

MAMM: 't héiert een náisch Guddes vun do!

An da lauschtters de deenen no! Kee Gott a  
Gebott hättent déi nach!  
A Fändelen, bluttrout ugestrach!  
Deng Séil géing zuschanen, Leechen!

LEO: Mamm, wëlls de mech lo nach  
erweechen?

PAPP: Wann s de wëlls goen, da géi!  
Mä dann ... heiran - ni méi!



MAMM: Ma Berend, du kanns eise Groussen  
dach net sou schrecklech verstoussen!

PAPP: Ech kann, Maargréit! Ech wéll keng  
Russen heibannen, déi soss näisch wéi  
Revolutionounen erfannen an dann op  
d'Stroosse birele ginn, wann se bis um  
Erhéngere sinn.

MAMM: O Gott, wat e Leed, wann e geet!

PAPP: En ass nach net fort!  
E paasst net bei déi Zort vu Schminnoen a  
Minettsdäpp, vu Sozien a Kozien an anere  
Feierkäpp. Allez, géi span de Brongen un a  
fuer Rommele sichen, oder muss ech dech  
mat der Gáissel lichen?!

LEO: Da lich mech! Ech gi souwisou.  
A wann ech nees rémkommen, sidd der  
nach frou.

LISS: Jo, komm nees fir Chrëschtdag rém!  
(séngt) Do géif ech alles drém!

PAPP: Wat?! Als verluerene Sonn, deen do  
ënnen den Herrgott un d'Kräiz geschlon?!

Kuck der däin ale Papp gutt un,  
fir datt s d'et nimools vergéss: Wann s d'aus  
menger Krépp hei gär fréss, dann hues  
d'och meng Meenong ze hunn!

(Hie schléit mat der Fauscht op den Dësch.)



HILAIRE: Mill, bill net sou vill! Schléifs de,  
Vic? Op dëser Plaz soll et dach donneren!

VIC: Wéi haart?

HILAIRE: Géff lo net tockskäppesch,'t ass  
némme méi eng Woch. Virun, Maargréit!

VIC: Den Dimmer geet net.

HILAIRE: Wat ass da mam Blech?

VIC: Neen, den Dimmer fir de Blétz!

MAMM: Dir bréngt een déi ganzen Zäit aus  
dem Konzept. Wat kénnt lo, Vic?

VIC: "Papp, 't ass eng nei Welt." Ech kann  
net alles matenee maachen,  
Schoulmeeschter!

MAMM: Papp, 't ass eng nei Welt!  
Deng Meenong an Éiren, mä dat vergéss de  
ze dacks.

PAPP: Wiem et hei net gefält, dee muss gon  
an et léiren. Här ass Här a Max ass Max!  
Géint all déi rout Arbechtsveräiner  
hunn déi Déck Waffeschäiner.

MAMM: O Leechen, hätt ech dech nimools  
gebuer!  
't ass alles verluer! 't ass alles verluer!

LEO: An ech bleiwe stor!  
Lisschen, ech komme rém, och wann et  
dauere sollt, a bréngen der eng Schubkar  
voll Minettsgold.

PAPP: Schonn aanrer wéi s du hunn de Mond  
ze voll gehollt.

(De Vic rabbelt nees mam Blech)

MAMM: "Hört ihr, wie der Donner grollt?"

FRAASS: Kenns de dat Gedicht nach aus der  
Schoul?

GIERG: "Urahne, Großmutter, Mutter und  
Kind..." Dat woussten d'Bauere schonn  
auswenneg, ier et Gemengesekretäre gouf.  
Soll ech der et opsoen?

HILAIRE: (iwwerdeems hien um Piano  
d'Aleedung spilt)  
Haalt lo de Bak, dir zwee!

(Liss a Leo sangen, duerno och de Papp an  
d'Mamm)

LISS: Gott stéi mer bái! Wat ass ze man?

LEO: Ech weess kee Rot, se si stackblann.

LISS: O neen, o neen, ech gleewen et net.

LEO: Da pas gutt op, wat aus mer gëtt!  
D'éischt wéi ech, Lisschen, dech gesouch,  
den Himmel du viru mir louch. O wéi hätt  
ech du denke konnt: Deen Tockskapp riicht  
äis zwee zugrond!

PAPP: Selwer Tockskapp!

LISS: Ech weess et och nach. Een Ableck  
Hunn ech gedreemt vum éiw'ge Gléck.  
Leefs du lo zu dem Duerf eraus, dann ass  
mäin Dram fir éiweg aus.

LEO: An awer lafen ech ganz séier.

PAPP: Da sot dach selwer: Ass dat kee Stéier!

ALLE VÉIER: O Gott, wat hu mer dach gedon,  
fir sou ongléckelesh ze ginn!  
Mäi Gott, da loss hien (mech) némme gon,  
ech wéll hien (dech, iech) nimools (eemol)  
rémgesinn.

LISS: Wann s du gees, da ginn ech Nénnchen!

MAMM: Kéndchen!

GIERG: (zum Hilaire)  
Dat do musse mer sträichen, 't ass dem  
Paschtouer säi Sall!

PAPP: (zum Gierg)  
Du kanns de Gesank dach net einfach  
ënnerbriechen!

LEO: (och zum Gierg)  
Géi sträich du deng Kéi, dovu kenns  
d'eppes.

HILAIRE: De Paschtouer kénnt souwisou net  
kucken, himmelnondikassnamol! Sang  
virun, Batty! Neen, Maargréit, setzt nach  
eng Kéier bei der Nénnchen un!

LISS: Wann s du gees, da ginn ech Nénnchen!

MAMM: Kéndchen!

LEO: Wann s du dat sees, da ginn ech Pater!

GIERG: (spréngt am Sall op a geet senger Wee)  
Wat ass dat do ee schäiss Theater!!

PAPP: (rifft him vun der Bühn no)  
Dat war lo mäi Saz!!

Josy Braun